GEMENG
MIERSCH

Miersch, de 7. Abrëll 2020

#MIERSCHSEETMERCI

Schéckt eis Är Mercien

Am Kontext vum COVID-19 falen engem ëmmer méi Plakater op de Bréifboite mat léiwe Messagen op. Ëmmer méi Kanner mole Biller, fir dem Personal aus dem Gesondheetswiesen fir hir Aarbecht mat de kranke Mënschen Merci ze soen.

Niewend dem medezinesche Personal kréien och d'Leit, déi d'Dreckskëschten eidel maachen, d'Bréifdréier, d'Caissieren an d'Poliziste Merci gesot. Wat ee wonnerbaart Zeeche vun Empathie!

D'Gemeng Miersch wëll dës kleng Messagen honoréieren.

Un d'Elteren an d'Tuteuren, déi an der Gemeng Miersch wunnen: Fotografëiert d'Biller vun Äre Kanner, déi virun Ärer Hausdir hänken (oder un der Boite) a schéckt se op d'Mail-Adresse publications@mersch.lu

An den nächsten Deeg publizéiert d'Gemeng Miersch dës Biller via hir Medien. E puer Wierker ginn an eiser nächster Editioun vum Mierscher Gemengebuet ofgedréckt.

publications@mersch.lu

COMMUNE DE MERSCH